Journée Commémorative des EdF    Luxembourg, le 5.9.82

Léiw Elteren a Familjen vun onsen ongléckleche Kommerodinnen a Kommeroden déne mir haut gedenken, Dir Dammen an dir Hären, wärt Frenn an Sympathisanten vun den EdF, Komerodinnen a Komeroden,

Op Beschloss vum Fédératiounskomité vun den Zwangsrekrutéierten gett desem 40. Anniversaire vun der Wehrpflichtaféierung hei zu Lëtzebuerg an enger Rei vun Manifestatiounen a Cérémonien geduecht.
Mir, d'enrôlés de force, déi direkt Betraffen vun desen völkerrechtswidregen Verordnungen vum Gauleiter Gustav Simon, sin der Ménonk das jhust mir desen Anniversaire vun engem schreckleche Verbriechen net dierfen erivergoen lossen, ouni déi him zoukommend Wichtegkét an Aschätzung genügend erfir zestreichen. Et ass zwar net un ons, fir an historeschen Recherchen an a méiséilegen ~~historeschen~~ geschichtlechen Arbechten an Diskussiounen des Erégnesse ze erklären oder ze klären, esou wéi et des Dég an der geschriwener an an der geschwatener Press geschitt. War et nun effektiv e Generalstreik oder net? War dese Streik virausgeplangt, an Détailler prépareiert a vu wiem? Ob iwerhapt déi Higerichten a Verschléften all gestreikt hun, oder ob sie d'Malchance haten, ennert déi Zuel gefall ze sin déi eben d'Preisen an dénen éischten Dég vum Ausnahmezustand duerch d'Standgericht ermuerde wollten.
Fir ons zielen virun allem 2 Sachen:

1. No der Vekennegung vun der Wehrpflicht zu Lëtzebuerg hun d'Lëtzebuerger spontan gefillt an erkannt dass vun elo un lëtzebuerger Krichsjugend der Vernichtung soll zougefouert gin. Dém ass dann och mat genau esou engem spontanen a resolutem Nén geäntwert gin. Doerunner bestéht nun awer kén Zweifel. A jidderén huet versicht dese Protest op séng Art a Weis auszedrécken, esou wéi hien eben d'Méiglechkét hat. Déi eng ware méi courageiert, déi aner manner. Mir d'EdF op jidde Fall waren, sinn a bleiven all dese Patrioten dankbar. Dankbar, dass sie sech an dese kritesche Momenter virun hir Jongen, "Ons Jongen" gestallt hun. Mir verneigen ons an déivem Respekt an Unerkennung virun all desen Martyrer an Helden; virun all "Mort pour la Patrie", virun all dénen déi gefoltert a gepéngegt gouven, virun all dénen déi Schued u Gesondhét a Verméigen gelidde hun, virun all dénen déi un de Folgen vun de Verschléfung ze fréi gestuerve sin. Onsen oprichtege Merci ass hinen gewess.

Mä 2. hu mir awer och eng Verpflichtung gént iwer desen fir d'Hémecht geafferten. Mir hun dofir ze suergen a musse mat beidroen dass hire Souvenir a Respekt an Eierfurcht erhale bleivt. Ons Generatioun muss mat hellefen dass d'Undenken un déi heroesch Zeit vum Lëtzebuerger Vollék wach bleift. Dass déi nokommend Generatiounen d'Valeur vun desem heldenhaftem Asatz och léieren unzeerkennen an anzeschätzen. Mir mussen ons dergént wiren, wa Stëmmen optauchen déi mengen no 40 Joer wär dat alles ze vergiessen. Dat des Erégnesser entgülteg der Vergangenhét ugehéieren an net méi der Wert sin erennert ze gin. Ons Kanner a Kanneskanner musse wessen a beherzegen

dass et zu Lëtzebuerg am leschte Krich Leit gouv déi beréd waren, Verméigen a Gesondhét ze riskéieren, jo hirt Lieven op d'Spill ze setzen fir anerer ze hellefen. Déi beréd waren hirt Lieven ze afferen fir dass Lëtzebuerg nés sollt frei gin. Déi beréd waren de Sacrifice vun sech selver ze machen fir dass mir konnten a kennen nés a Freihét an Onofhängegkét an onsem Land lieven.
Fir dass des Tatsachen net an de Vergiess kommen, dat soll de Senn an den Zweck vun dese Manifestatiounen sin. Awer och ze warnen an drop opmierksam ze machen dass ons Freihét an Onofhängegkét net ouniweideres op éiweg Zeiten garantéiert a gesechert ass. Mir Lëtzebuerger, Awunner vun engem klenge Land, musse duebel oppassen, op der Hut sin an net de Kapp an de Sand stéchen. Wéi séier kenne och mir, a wirtschaftlechen, politeschen a gesellschaftlechen Krisen erarutschen an dann kann et séier mat onser jetzeger selbstverständlecher Freihét eriver sin. Nämlech dann, wa mir an déne kritesche Momenter net méi u Solidaritéit a Zesummenhale gewind sin. Wann och vergiess gin ass, dass Gemeinsamkét a "sech géigenseiteg steipen" an hellefen méi bréngt wéi perséinlechen Egoismus an nemmen "sech gesinn", dann trett erem eng Kéier eng seier geféierlech Situatioun fir onst Land an. An da waren all déi Sacrificen, all dat Blutvergéissen, all déi grouss Hémechtléift an de Joere 1940 an 1945 emsoss. Da sin déi dann liewend Generatiounen net wërt, dass d'Generatiounen aus dem leschte Weltkrich esou vill Uerges a Batteres op sech geholl hun. Da waren all déi, déne mir haut gedenken fir neischt gestuerven.

Mir d'EdF wellen ons op jidde Fall dé Reproche net gefale lossen an hun och an de vergangenen Joerzingten bewisen, dass mir beréd waren fir d'Wouerecht anzetrieden. Ons mat Leiv an Séil anzesetzen, fir dass Ongerechtegkéten ofgeschafe gin an dass gerechtfertegt Satisfactioun kréien. De Wé war lang an hart. Mä Gottseidank och vum Erfolleg gezéchnet. Esou konnt enner annerem en éischte groussen Erfolleg 1967 verzéchent gin mam Gesetz iwer d'Faubeuren zu Gonschten vun den Naziaffer. Dunn 1974 duerch d'Gesetz wat e Rentenzouschoss bei fréizeiteger Invaliditéit oder dem Doud virgeseit a schliesslech 1981 déi 2 Gesetzer vun dénen dat vum 12. Juni entgülteg d'EdF mat ~~séngen~~ dénen aneren "victimes patriotiques" gleichstellt an dat vum 14. Juli wat Gesetz vun 1974 iwert d'Rentenzouschöss verbessert. Ech gin hei gären zou, dass Kritiker Recht hun dass des Gesetzer net an allen Punkten perfekt sin. Och onse Federatiounskomitée wéi ons Délégéirt waren a sin net an allen Détailler 100% mat den Ausféierungen zefridden. Mä eppes well ech dach awer och ganz deitlech soen. Déi grouss Linien a Prinzipien entspréchen onse Fuerderungen an hun ons Satisfactioun gin. Sougenannten Härte- a Speziellfäll

falsch Interpretatiounen iwert d'Haltung esouwuel vun hire(n) doudegen Kommerodinnen a Kommeroden wéi och vun den Iverlievenden weidder kenne bestoen. A Joerzingten(n) lange(n) Asatz hu mir all zesummen fest un ons Aufgab geglewt an och duerch ons Solidaritéit schlussendlech zum Erfolleg komm. Des Solidaritéit dierf awer net elo duerch desen Erfolleg ~~futti goen~~ schued leiden. Mir musse weidder déi Kommeroden bleiven, déi mir abatterer Zeit gouven, a lang Joeren trei duerchgehalen hun. Et ass och dofir fir mech e fir meng Kommeroden aus dem Fédératiounskomité wéi vun de fédéréierten Associatiounen eng grouss Satisfactioun dass dir iech haut hei afond hued fir kennen gemeinsam ons Journée Commémorative ze begoen.

E grouse, grousse Merci dofir. Ons Journée mat déier mir wellen an aler Öffentlechkét beweisen, dass mir ons Doudeg net vergiess hun. Dass mir awer och all déne Lëtzebuerger gedenken déi hirt Lieven fir ons Hémecht gin hun. Mir wellen all onse Sympathisanten a Frenn onsen déifste Merci ausdrécken fir hir Ennerstetzungen am Laf vun de vergangene Joeren. E spezielle Merci awer all dénen déi duech hir Présenz hei bei onsen Manifestatioun hir Sympathien a Verbonnenhét un all EdF an un hir Familgen ausdrécken. Merci all dénen déi herno um Kanonenhiwel bei onsen Gedenkcérémonien derbei sin an domadden all onsen Morts pour la patrie éieren. ~~Solidaritéit war dat wat mir Lëtzebuerger am Krich haten. Solidaritéit ass och nach dat wat mir haut a an Zukunft brauchen. Aus Solidaritéit sin~~

Merci all dénen, ohni sie namentlech opzezielen, déi matgehollef hun dass d'Journée Commémorative vun den EdF desen erhabene Carakter kritt au, och dénen déi dofir mergen dass sie a Schröfft an a Sprock festgehale gett.

Solidaritéit vun ~~alle~~ de Letzebuerger huet dat aus Letzebuerg gemaach, wat et haut ass.

Solidaritéit vun alle Letzebuerger muss och an der Zukunft dofir garantéieren dass d'Affer vun eso ville gudde Letzebuerger, déne mir haut gedenken an éieren net emsoss war.